D‘MECO-Wahlcabine

Sot an enger Walaffiche Är Prioritéite fir d’Walen: online oder kommt laanscht beim Mouvement Ecologique!

E Projet vum Mouvement Ecologique am Kader vun de Wahlen 2009

Nodeem de Mouvement Ecologique virun e puer Wochen eng Broschür mat konkreten Uregungen fir déi nohalteg Entwécklung an der nächster Legislaturperiod erausginn huet, gëtt elo eng nei Aktioun lancéiert:

De Mouvement Ecologique huet eng interaktiv „Wahlcabine“ entwéckelt. Esou wéi Parteien Affiche maache, wëll de Mouvement Ecologique all BiirgerIn d’Meiglechkeet bidden, wéi e „Kandidat/in“ sein eegent Wahlplakat ze maachen. Ënnert dem Slogan „ESD-Ech stinn derhannert!“ kann all Eenzelnen entweder eng Fuerderung vum Mouvement Ecologique ënnerstetzen … oder awer seng eegen erstellen.

Duerfir invitéiert de Mouvement Ecologique jiddereen e Wahlplakat mat engem vu folgende Sloganen ze maachen:

- Fir eng offe Sträitkultur iwwert Zukunftsfroe vum Land!
- Amplaz Kierchtuermspolitik: regional Zesummenaarbecht vu Gemenge stäerken!
- Soziales an Ekologie zesummebréngen: Aktiounsprogrammer ausschaffen!
- En Nohaltegkeetscheck fir all staatlech Décisiounen: och a grad a Krisenzäiten!
- Absolut Prioritéit fir den ëffentlechen Transport, och op Käschte vum Auto!
- Vun 2,7 % op 10% Bio-Landbau bis 2020 zu Lëtzebuerg!
- Manner Landverbrauch a méi Biodiversitéit: Liewesqualitéit, och fir eis Kanner!
- Eis Verantwortung iwwerhuelen: Klimaschutz fänkt hei bei eis am Land un!
- Aarbechtsplaze fir d’Zukunft schafen: am Klimaschutz an a gréngen Technologien!
- Keen Dumping vun demokratesche Rechter an Ëmweltnormen ënnert dem Deckmantel vun der Wirtschaftskris!

Selbstverständlech ass et och méiglech nei eegen Iddien an d’Wahldebatte mat eranzebréngen an seng Meenung ze soen.

Fir matzemachen huet all BiirgerIn zwou Meiglechkeeten:

- **D‘ MECO-Wahlcabine!:** Bei der Wahlcabine handelt et sech em eng richteg Cabine wou ee kann era goen. Virdrop ass eng Persoun duergestallt, mä wou de Kapp sollt sinn, ass ee Lach. Dëst erlaabt demjéinegen, dien an der Cabine ass, sei Kapp ze weisen an esou sengem Message (dien hie virdrun erausgesicht huet) ee Gesiicht ze ginn. All Interesséierte kritt esou d’Méiglechkeet seng Stëmm mat anzebréngen. Da gëtt eng Foto gemaach an Äert Plakat fannt Dir kuerz duerno um Site vun der Aktioun www.meco.lu oder www.wahlcabine.lu. Vun hei aus kann ee séng Foto kucken a weider mailen.

- **Den interaktivenSite www.wahlcabine.lu / www.meco.lu:** Mat maache kann een och andeems een um Site www.meco.lu / www.wahlcabine.lu seng Foto erop luedt, seng Positioun eraus sicht an online publizéiert. Natirlech kann een och des Wahlaffiche weider vermailen.

De Mouvement Ecologique as bis zu de Wahlen de 7. Juni op ville Plazen am Land ënnerwee,den Agenda fannt Dir um Site www.wahlcabine.lu oder op www.meco.lu grad och wei d'Fotogalerie a perséinlech Aussoe. Kuckt eran!